Awer hitt *dech* vir dem Kallek
Huet de Buedem Kalleksteen
Well do spillt en dir de Schallek
An däi Feld seet motzeg neen.
417 *dech* steet iwwer der Zeil

Gutts deet d'Feier och an d'Brennen
Wann een ale Wues opruet,
Ma déng Plaze muss de kennen
Wou et notzt a wou et schuet.

Dréchne Wues op Ginstefäschen
Stécht een dack am Éislek un,
Well do d'Feier an och d'Äschen
Eeschtlech gutts dem Buedem dun.

Wéineg gët dervun an d'Millen
Wou de Buedem *leemeg* as
Well do brennt en sech zu Zillen
An dier gës de méi lass.
430 *lehmeg* verbessert a *leemeg*

Besser dack wi Mëscht a Feier,
(D'al Erfaronk seet et jo)
As d'Geresch vun al Gebaier:
Zwanzeg Jor laang hält et no.

Dass de d'Piff vun dénge Béischten
Nët op d'Stroosse lafe léiss
Soss seet d'Feld, dat as e Wéischten
An déng Some gin der béis.

Fir déng Wise muss de kennen
Vun dem Fléizen och den Zock
*Well et* daagt nët allenennen
Hongrecht Waasser mécht der Bock.
443 *Well et* duerchgestrach an ersat duerch *Awer 't*

Wou kee Mëstes, as kee Krëstes,
Da's en ale Bauresproch,
Ma deen aner (soss vergëss d'ës)
Widderhuel der sechsmol d'Woch.

Schirble vun de Branntwäinsklucken
D'Schuel vun Affekoten-Nëss,
Owens Kaarte, muerges Brucken
Gët schlecht Dong; *dat* as gewëss.
452 *dat* duerchgestrach, drënner *an da* geschriwwen

Wi de Buedem, sou verschidden
Sin och d'Planzen déi mer hun
Wou di eng si gär zefridden
Sin di aner iweldrun.

Kuer a Wëllkuer gin a liichter,
An de Weess a steiwer Scholl;
Koul a Geescht déi ma Gesichter,
Stin se nët a fetter Moll.

Maansdéif Buedem wëllt de Lisär
Sand a Kallek duurcherneen
Fir de Steekléi as et Misär
Läit ze no de Leem a Steen.
Vers 463a duerchgestrach: *Wi am Leem (ass) am Schuwwer wi am Steen*

Léiflech blo as wi den Himmel
Steet de Fluess am dompe Stéck,
Awer d'Wierk mam Määsch a Fimmel
Huet am fette Suewel Gléck.

Setz op d'waremst Plaz déng Riewen
Wou en d'Sonn kann ëmmer laachen
Datt eng Stënnchen si am Liewen
Gär dir schéin a glécklech maachen.

D'Somfruucht nu, déi muss de wielen,
Bauer, héier u mäi Rot,
Datt der d'Onkraut nët këmmt stielen
All déng Aarbecht mat der Sot.

Duurt a Fëtz, a Rued, wëll Wécken
Brénge soss déng Fruucht an d'Nout,
Sinneft këmmt der d'Lenz erstécken
Kouweess fierft der schwaarz däi Brout.

Wiessel d'Somfruucht, wëlls de räich gin
D'Feld as mat der friemer frou;
Wann och d'Käercher dann sech och gläich sin
'T hëlt a Kaascht a Sieschter zou.

All Jor wiessel mat den Aarten
Zweemol enges bréngt kee Gléck
Fir an d'Scheier gin déng Faarten
Da fir d'zweet der keemol déck.

Haartfruucht, Huewer, Kléi a Wécken
A mat Speise wiessel of
Eemol mëschten zweemol pläcken
Gët et dräimol, 't as eng Gof.

Hitt dech vill am Land ze pautlen
'T bréngt de Bauer ëm de Plou;
Léier selwer d'Feld nët fautlen,
Schwaache Stécker looss eng Rou.
Tëscht Zeil 496 a 497 steet *Wahl der Saatzeit*

Fir d'Gedéiesch ze verschälken
Vun de Käercher Wuurm a Mued
Sin der vill déi d'Somfruucht kälken
Notzt et näischt, 't mécht och kee Schued.

D'Sotzäit nun, déi muss de wielen
Léiwer Dréchent als wi d'Nätzt
D'Mëttelmooss drop *kanns de* zielen
Wann ee séit a wann ee setzt.
Zeilen 497 bis 504 si beigepecht. — 503 *kanns de* verbessert an *kann een*